

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Mam Zil d’Stroossen an a ronderëm d’Stad an de Spëtzenzäiten z’entlaaschten an dem ëffentlechen Transport Prioritéit ze ginn, ass geplangt op zwou Plazen am Land eng bidirektionel Busspuer ze schafen.*

*Sou ass virgesinn, op der N11 tëscht Gonnereng an dem Waldhaff an op der N7 am Eecher Bierg en Spuer z’amenagéieren, op där de Bus moies an déi eng an owes an déi aner Richtung fuere kann.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*


- *Wéi wäit sinn d’Aarbechten un den zwou genannte Busspueren?*
- *Kann den Här Minister Detailer zur konkreter Ëmsetzung ginn?*
- *Bis wéini kéinten déi zwou Busspuere fir den Trafic opgoen?*
- *Op wéi engen anere Plaze sinn änlech Projeten ugeduecht? “*

Mat déiwem Respekt,

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu



Max HAHN  
Deputierten